# Presentatioun vum Budgetsprojet 2021 am Kader vun der Gemengerotssitzung vum 11. Dezember 2020 duerch de Buergermeeschter Paul Weimerskirch

## Schëffleng weider entwéckelen: nei Chance an nei Perspektiven an Zäite vun der Covid-Pandemie

Dir Dammen an Hären,

Haut an nächste Freide steet de Budget fir 2021 am Bléckpunkt.

Et ass jo genee dat Dokument, wat déi politesch Intentioune fir dat kommend Joer an deelweis doriwwer eraus definéiert, erëmspigelt, cibléiert a festhält. E wichtegen a noutwennegen Akt, deen ëmmer nees vun de Servicer villes ofverlaangt.

Zënter gudde véier Méint lafen déi intern Berodungs- a Virbereedungsaarbechten op vollen Touren. Haut presentéiere mir Iech d'Resultat vun de ville Gespréicher mat eise Servicer.

**E grousse Merci** vun dëser Plaz u jidder Eenzelen, deen sech hei investéiert huet, dee sech Gedanke gemeet huet fir an enger verännerter Situatioun e Budget opzestellen, deen den Necessitéiten a Prioritéite vun der Zäit soll Rechnung droe soll, an dat an engem Joer, wat eis wéi gesot villes ofverlaangt huet, duerch e Virus, deen op ville Pläng an a villen Hisiichten – also bal an alle Liewensberäicher - seng Spueren hannerlooss huet.

E besonnesche Merci un de Koordinator – eist Nathalie Pauly, dat op seng roueg an transparent Manéier, d'Fäinheeten an d'Detailer vum Budget ficeléiert huet. Et ass jo och net ëmmer einfach fir Zuelematerial korrekt z'ajustéieren. Merci him an allen aneren, déi hei mat Disziplin, Gedold a Kompetenz un engem gemeinsamen Zil geschafft hunn. E spezielle Merci och un eise Receveur an de Gemengesekretär fir all konstrutiv Diskussioun, fir all Avis an Hëllef.

**Meng Interventioun ass iwweregens an e puer Deeler opgebaut**.

1. Eng allgemeng Iwwerleeung zu der aktueller Situatioun
2. E Bléck op d'Zuelen
aus dem Rectifié 2020 an dem initial 2021
3. Eng Reflexioun zu eiser Scholdesituatioun
4. Déi finanziell Erausfuerderungen am ordinäre Beräich
mat engem Bléck op d'Taxe Situatioun
5. E Punkt, deen eist d'Personal concernéiert,
well ouni si leeft näischt: eis Situatioun haut a muer.

6. Déi grouss Projeten:

- e.a. eis Bildungslandschaft,
- eis Zone d'activité économique ZAE op Herbett

7. Weider Investitioune fir d'Zukunft

Stéchwuert: Atelier a Masterplang
an e puer Wuert zum Haus Mettler, Haus a Kassen, Haus Entenich, wou jo gréisser Renovatiouns- an Ëmbauaarbechten ustinn.

8. Eis Gemeng:

Asaz fir Solidaritéit no bannen an no baussen
eng Politik vun der Durabilitéit a fir Klimaschutz
zesumme mat de Veräiner

9. Verschiddenes

10. Nach eng Rei vu Konklusiounen;

déi ze zéie wieren.

Dir Dammen an Hären,

Ech wëll mech hei net widderhuelen, allerdéngs ass dëse Budget net einfach aus dem Aarm geréselt ginn, a par Rapport zu fréiere Budgetsdiskussiounen, waren eng Rei weider oder zousätzlech Sitzungen néideg fir alles ze finaliséieren.

Allgemeng sollt eis kloer sinn,

**datt déi finanziell Konsequenzen duerch Covid-19**

uechtert Land bei de Gemengen net kleng waren, woubäi d'Repercussioun ënnerschiddlech zum Droe kënnt, déi eng  - awer eigentlech déi wéinegst Gemenge - kënne Reserven (an och hei ginn et grouss Differenzen) unzapen ... an anerer mussen op Emprunten zréckgräife fir de Budget an den Equiliber ze bréngen.

Nëmme bedéngt konnte mir op Reserven zréckgräifen a mat vill Iwwerleeës hu mir eis – well eis Situatioun dat och erlaabt – op een Emprunt zréckgegraff.

De Budget ass opgestallt no de Consignen a Virgabe vun der ministerieller Circulaire zum Budget. Awer et war e schwieregen Akt ... mat manner Recette ewéi erwaart, mat dem Wëllen awer och den Investitiounsvolumen op héijem Niveau ze halen…

... eigentlech wor et d'Spagat tëschent verschiddenen neie Realitéiten, bedéngt och duerch eng aner finanziell Situatioun an duerch eng total verännert Ausgangslag – ech hunn eenzel Elementer an

Szenarien dozou scho bei der Kuerzpresentatioun vum Plan Pluriannuel Financier (PPF) gesot oder komментéiert.

Kënnt derbäi, datt eise Budget vun 2020 schonn – quasi direkt no der Ofstëmmung oder der Zoustellung mat der Approbatioun vum Minister am Abrëll op Grond vu ministerielle Schreiwes ... ugepasst huet misste ginn oder esouguer besser gesot op d'Kopp gehäit ginn ass. Mir hunn des Weidere profitéiert mat de budgetäre Modifikatiounen, déi ëmmer virzehuelen sinn, eise Budget 2020 schonns éischter z'optimiséieren, jo quasi schonns ze rektifizéieren.

An haut wësse mär, datt mer mat 5 bis 6 Milliounen Euro manner auskomme mussen, ... dat alles hu mär ofgefiedert duerch d'Aschreiwe vun dräi Miliounen Euro aus eisem Fonds de Réserve.

Dat wat eigentlech als Apel fir den Duuscht geduecht wor, ass mat bal 70% an de Budget zeréckgefloss!!

Ech wëll elo net behaapten datt alles, wat am Budget 2020 festgehalen oder definéiert war, Makulatur war, awer eent steet fest, **klenger a gréisser Modifikatioune sinn net ausbliwwen**: ............... .... déifgräifend finanziell Perten, ech hunn dovunner geschwat, an ech verweisen hei op de Rapport-Avis vun der Zentralbank zum Staatsbudget: an do heescht et, datt duerch den Impakt vun der Corona-Pandemie Verloschter bei de Steieren entstinn, déi an den nächste Joren net einfach esou rattrapéiert kënne ginn a schwätzt och nach vun engem grousse Choc fir d'Staatsscholden

.... nei Depensenartikelen hunn de Wee an de Budget fonnt, dëst alles, wat direkt oder indirekt mat neien Aufgaben a Servicer ronderëm d'Pandemie dréit, .... eenzel Projets sinn a Retard geroden, well d'Prozedure gestockt hunn, …asw …. Mir hunn dat am Laf vun de verschiddene Gemengerotssitzungen ëmmer nees thematiséiert an erkläert… ech wëll op dëser Plaz och un eis Aktiounen an Initiativen erënneren, déi sech och nei am Budget erëm fannen ewéi d'Akafe goen, de Chèque-cadeau fir all Matbierger, de Subsid un déi lokal Entreprisen ... an net ze vergiessen, d'Verdeele vun de Masken, déi vill Infoblieder a.v.m. ...

Wa mir haut de Budget presentéieren, **da muss ee wëssen, datt déi ekonomesch Situatioun am Land an an Europa nach ëmmer volatil** ass an ugespaant bleift. Dat alles spillt eis net an d'Kaarten.

Et feelt un enger kloerer Planungssécherheet – et bleift schwiereg an et gëtt definitiv net méi einfach, well nach ass déi ekonomesch Entwécklung net definitiv anzeschätzen (jo déi verschidden Experten si

sech jo och do net eens! ) an Insolvenze wäerten net ausbleiwen, vill Betriber gi quasi um Zännfleesch oder fueren op de Felgen… a grad dowéinst hu mir drop gehalen den Investitiounsvolumen op héijem Niveau ze halen, well dat sech besonnesch positiv auswierkt op eng Rei Kleng- a Mëttelbetriber an eiser direkter Noperschaft… mir hunn iwwregens och keen eenzege Projet gestoppt oder no hanne geréckelt, .... wuelwëssend allerdéngs, datt mir responsabel handele mussen.

..ech soen awer och, datt **mir dat alles net eleng packen**, mir brauchen als Gemeng och eng Stäip ... an zousätzlech finanziell Mesuren zu eise Gonschte vum Staat, ... net ëmsoss freet de Syvicol hei een Ëmdenken an nei Weeër am Beräich vun de Subventiounen un d'Gemengen … zousätzlech staatlech Hëllefen duerch d'Ophuele vun Emprunts fir de Gemengen een Ausgläich fir d'Perten z'erméiglechen, ass scheinbar keen Thema ... d'Angscht den TripleA ze verléieren ass wahrscheinlech grouss, an dëse Rating ass an der Tëschenzäit jo net nëmmen eng Bonne Note fir d'Solvabilitéit (d'Kreditwürdegkeet), et ass jo besonnesch och een Argument fir eis Finanzplaz, a wann ee weess, datt 52% vun den direkte Steierrecetten zu Lëtzebuerg duerch d'Finanzplaz kommen, dann ass et vläit e Spill mam Feier.

... jo et gi vill Domäner, wou d'Gemengen à Charge sinn a wou d'Gemenge substantiell vill Geld mussen opbréngen, fir datt dës Servicer optimaalst fonktionnéieren … e Bléck op d'Ausgaben am Enseignement respektiv an der Kannerbetreiung, d'Maison Relais schwätzen do eng däitlech Sprooch, dat zielt esou wuel fir den ordinären Deel ewéi och fir Extraordinär Investitiounen. D'Depense fir Maison Relais, fir Enseignement fondamental, fir Encadrement périscolaire oder soss Servicer, déi dem Enseignement annexéiert sinn – concernant den Entretien, Reparatiounen, Gaz- an Elektresch Onkäschten, Paien vu Conciergerie a Service de Régie, déi eraspillen oder finanziell Partizipatioune bedéngt duerch Konventiounen … betreffe ronn 5,5 bis 6,5 Milliounen Euro (je no Ventilatioun) vun den uerdentlechen Aufgaben, dat si bal 15 bis 17% vun eisen uerdentlech Ausgabe fir 2020 a fir 2021! Net ze vergiessen d'Onkäschte fir den agrément d'exploitation a fir d'Mise en conformité vun de Schoulen a Maison Relais. Dat ass jo net grad Näischt.

Laut PPF belafe sech d'Investitiounen am Zäitraum 2020 bis 2025 fir den Enseignement ëm ronn 40/45% (natierlech Subventiounen erausgerechent) fir Kultur a Sport sinn et knapp 2%, wann iwwerhaapt.

Esou wäit e puer allgemeng Remarken zur Introduktioun.

## Kapitel 2: E Bléck op d'Zuelen aus dem Rectifié 2020 an dem initial 2021

Et ass de véierte Budget vun der Koalitioun CSV-déi gréng. Et ass a bleift **trotz allem e Budget an der Kontinuitéit** vun de vergaangene Joren. Et ass och e Budget, dee sech virun allem mat enger absoluter Prioritéit vun döser Majoritéit beschäftegt: ... dem resolute Virgoen a Saache „Bildungslandschaft Schéffleng entwéckelen", verbonne mat engem Neibau vun enger Schoul zumindest, vum Ëmbau a vun der Renovatioun vun de bestoende Schoulgebaier, verbonne mat enger Dezentraliséierung vun der Maison Relais…

..dat alles soll leschtenendes zum Zil hunn: **méi Schoulraum fir déi nächst Joer ze schaffen** a méi Kanner (respektiv Elteren) d'Méiglechkeet ze gi vun de Servicer vun der Maison Relais kënnen ze profitéieren... hei sinn definitiv d'Piliere gesat an am Budget sinn och déi nouwenneg Krediter ageschriwwen.

Ech weess, dat geet alles net esou séier ewéi gewënscht, allerdéngs zanter dem Oktober 2018 si mir um gudde Wee, och wa covid-19 bedéngte Retarde leider net ausbliwwe sinn.

Et ass gewosst: **ouni Fric leeft Näischt**. Dofir e Bléck op d'Zuelen am Rectifié 2020 an am Initial 2021 fir am drëtten Deel op eis Scholdesituatioun ze kucken!

Et ass e Budget fir d'Wunn- a Liewensqualitéit an eiser Gemeng ze verbesseren a geschitt op ville Niveauë.

E Budget, deen ewéi gesot mat vill Viraarbecht, no villen Diskussiounen a Gespréicher mat de Servicer, mat de Kommissiounen (esou wäit et méiglech wor / Visiokonferenzen hunn hir Limitten) opgestallt ginn ass.

Nach emol: E Merci un d'Leit aus de Servicer a besonnesch un d'Nathalie Pauly fir d'Koordinatioun, an en extra Luef un all déi, déi eng Rei wichteg Zousazinfoen an Hëllefe geliwwert hunn, mëndlech oder schrëftlech, dat war tipptopp an huet vill gehollef. Merci och den Dammen aus dem Sekretariat (Heinzelmeedercher) fir eng Rei vun Zousaz-Aarbechten, ... Stéchwuert: PowerPoint an Dactylographie, Schrëfte liesen, asw ...

An Nach emol: de Budget, deen de Virgabe vum Ministär Rechnung dréit, an dee kengesfalls lassgeléist vun der ekonomescher Situatioun vum Land fixéiert ginn ass, am Géigendeel!! Vill Parameter (och eng Rei Inconnuen) hunn en Afloss op eise Budget.

**Nei Chancen opstellen, allerdéngs gëllt et och nei Défien ze meeschteren, ze léisen** a vläicht au courant de l'année 2021 z'ajustéieren, budgetstechnesch, infrastrukturell ewéi och bautechnesch gesinn!

A last but not least: Eise Budget ass och enk verbonnen an influenzéiert duerch de Wuesstem vun eiser Populatioun.

- 1990 waren an eiser Uertschaft knapp 6800 Awunner registréiert
- fir de Budget 2010 ëmmerhin schonns 10.000 an haut leie mär bei iwwer 11.300!!

Innerhalb vu knapp 30 Joer deemno en Zouwuess vun iwwer 4500 Leit bei prognostéierten 11.350 fir Enn 2021.

Mir hate jo bekanntlech iwwer eng Rei Joren e Populatiounswuesstem vun iwwer 4% bei engem Landesduerchschnëtt vun 2,2 %! Dëse staarke Wuesstem ass an de leschten zwee Joer ënner 3% gefall!

Neen, et ass eigentlech egal wéi eng politesch Prioritéiten oder Schwéierpunkte festgeschriwwe sinn oder an d'A gefaasst ginn oder vläicht och gewënscht sinn! Et geet näischt ouni déi entspriechend Suen.

Dofir d'Fro: wéi ass dann déi aktuell finanziell Situatioun vun der Gemeng?

Salopp ausgedréckt: déi ass einfach gutt, och well iwwer déi lescht zéng Joer korrekt a virsiichteg geplangt an investéiert ginn ass,

... a mir sollen net vergiessen, datt mir an de leschte Jore vun enger total gesonder ekonomescher Situatioun am Land profitéiert hunn, a gläichzäiteg och net bei de Verléierer waren a punkto Gemengefinanzreform ...

Allerdéngs: och wann den Investitounsvolumen héich bléift, och wann d'Scholdesituatioun sech méi ewéi gutt duerstellt fir Enn 2020 an och fir Enn 2021, ... esou ass gewosst, datt se sech deemnächst däitlech verännere kann, jo muss.

Dir hutt et sécherlech am Dokument scho festgestallt, datt mir de Budget 2021 mat engem Emprunt an der Héicht vun néng Milliounen Euro equilibréire mussen. Am nächste Kapitel ginn ech méi detailléiert drop an.

- Eis Capacité financière bleift ons erhalen, wuelwëssend awer och, datt mir de Rimm méi enk mussen zéien...
- .. och d'Schéier tëschent Recette ordinär an Dépense ordinär ass / oder bleift bis op Weideres am grénge Beräich.

- Den Apel fir den Duuscht hu mir leider missten engagéieren, 3 000 000 am Rectifié an 1,5 Millionen am Initial fir 2021.

Mat dëse Parameter, mat dëse Kenntnisser a mat dësem Bewosstsinn ass de Budget Rectifié modifizéiert an den Initial fixéiert ginn.

E Budget 2021, deen e Melange aus Virsiicht an Zouversiicht ass!

**Hei e Bléck op d'Eckdaten**

De Budget Rectifié fir den Exercice 2020 ass par Rapport zum Budget Initial 2021 an alle Beräicher esouwuel am ordinäre wéi och am extraordinäre Service massiv verännert.

- Bei den ordinäre Recette stinn am Rectifié 44,72 Milliounen Euro par rapport zu 45,03 Milliounen Euro am Initial zu Buch, e plus deemno vu knapp 0,45 Milliounen,... bei den Dépense sinn et allerdéngs och mat 34,94 Millioune par rapport zum initial vun 36,81 Milliounen e Plus vun Ausgabe vun 1,8 Milliounen, néanmoins ass de Boni propre am 2021 8,23 Milliounen.
- Dat ass eigentlech eng gutt Ausgaangspositioun ... trotz allem soen ech opgepasst – an net ech eleng – well d'Recette leien op manner héijem Niveau an déi kleng Hausse geet net duer fir d'Hausse bei den Dépense ordinaire ze decken ... a mir sollen eis hei net verféiere loossen mat engem Boni vun eben 8,23 Millioune ... Skepsis a Virsiicht sinn egal wéi ni falsch ... besonnesch wann d'Schéier also de Rapport Recette zu Dépense méi kleng gëtt ... am Recitifié ass de Boni ëmmerhin 1,55 Mio méi héich! ... dëse Verglach huet e bëssen eng Schiflaf, doduerch, datt mir Geld aus dem Fonds de réserve hin an hier transferéiert hunn, d'Reprise op d'Reserve mussen hei matbeduecht ginn ... et gëtt wichteg an noutwenneg hei d'Konten definitv ofzewaarden fir final Konklusiounen ze zéien.

Ech wëll och an dësem Budget direkt drop hiweisen, datt bal 80% vun den ordinäre Recetten aus Impôt Foncier (ronn 250 000), Impôt Commercial (1,2 Mio / dat sinn 400 000 manner) an dem Fonds de dotation global des communes (ronn 31-32 Mio fir rectifié respektiv Initial / 34 Milliounen an de Konten 2019 / erwaard ouni Covidzäiten bis zu 50 Mio) stammen.

Ass déi ekonomesch Situatioun ok, da stëmmt och de Fric fir d'Gemeng. Mir sinn elo an enger Zäit vun Kris ... eng crise sanitaire, déi sech ëmmer méi zu enger crise économique entwéckelt ... an dat huet nun emol seng Reperkussioun op eis Gemengefinanzen ...

Bleiwe mir um Budget rectifié 2020: och hei bleiwen am Service extraordinaire mat 8,6 Mio Recette extraordinaire par Rapport zu 20,61 Mio Euro Dépense extraordinaire een héicht Investitiounspotential bestoen.

Hei si par rapport zum Initial natierlech eng Rei Rectificatioune virgeholl ginn ... dëst ass der Tatsaach geschëllt, datt Projets, net esou an d'Geld geschloen hunn ewéi virgesinn, ... oder datt d'Projets net esou séier ugefaangen hunn ewéi geduecht, wou elo awer lues a lues d'Factures kommen ... a mir sollen net vergiessen, datt de Bausecteur hei am Land komplett iwwerlaf ass ... bei de Soumissiounen ass dat méi ewéi offensichtlech ze gesinn, ... a mir spieren dat mat Haussë ronderëm 10 bis 30% op den Devis ...

Datt den Dossier Haus A Kassen retardéiert ass, ass der Tatsaach geschëllt, datt mir de Projet a villen Hisichten iwwerschafft a modifizéiert hunn. Hei si mir allerdéngs elo op der gudder Schinn ...

Dës Modifikatiounen oder Rektifikatiounen am ordinaire Beräich ewéi och am extraordinaire Beräich erginn e Boni general vun 20,75 Mio... ofgerechent de Mali aus dem extraordinaire Beräich vun 12,01 Mio ergëtt deemno e Boni présumé fir 2020 vun 8,75 Mio, déi glécklecherweis an de Budget 2021 iwwerschriwwe ginn. Déi ganz Wouerecht soen eis allerdéngs erréicht d'Konten, déi fir d'nächst Joer virzeleeë sinn! Hei spigelt sech déi tatsächlech Situatioun zréck - wat ass wierklech u Recetten erakomm a wat ass wierklech u Suen investéiert ginn!

An hei nach emol meng Suerg: de Budget ass definéiert op der Circulaire budgétaire an et ass ze hoffen, dass den Szenario, op dee sech de Ministär berifft, net all ze vill optimistesch formuléiert ass ... 2023 kéinte mir nees um Niveau vun 2019 sinn!! Dat wier schéin ... et bleift och ze hoffen, datt de Statec mat senge Prävisioune an de makroeconomesche Prognose Recht huet, awer och de Statec relativéiert ëmmer nees, wann hie seet, datt alles vun der Entwécklung vun der Pandemie ofhänkt ...

Ech wëll hei net verstoppen, datt besonnesch am Beräich vun den extraordinairen Dépensen ëmmer och eng Rei vun Inconnue sinn. Mir hunn am Rectifié den Autorisé beschtméiglech op elo 20,61 Mio Euro ugepasst..... Mir hunn allerdéngs bis elo eréicht Mandats ausbezuelt vu knapp iwwer 10 Mio Euro. Bis Enn Mäerz 2021 misste sech deemno nach Facturen ausweisen an enger Gréissenuerdnung vu bal 10 Mio. Ech soen hei, et ass en Dossier à suivre. Et ass domadder awer och ze gesinn, datt de Budget ëmmer e visionäre Charakter huet.

Néanmoins dierf festgestallt ginn, datt mir konnten **op eng gutt a stabil Finanzsituatioun** zréckgräifen.

Am Budget 2021 klammen eis ordinär Recetten op iwwer 45 Mio Euro par rapport zum rectifié 2020 just liicht erop. Eis ordinär Dépense klammen allerdéngs vu 34.94 op 36,81 Mio ... dat sinn 1,8 Mio Euro méi oder eben eng Steigerung vu knapp 4% .. do ass éischtmols nees d'Gläichgewiicht net garantéiert ... d'Ausgabe klamme méi séier ewéi d'Einnamen, an dat ass ni gutt, och, wann et nach net dramatesch ass ... awer dat kéint sech zu engem Point faible entwéckelen.

D'Réserve budgétaire (ëmmerhi bal 5 Mio) ass op Null gesat! De Wëllen oder d'Absicht op Reserven zréckgräifen ze kënne fir Investitioune besser ze geréieren, ass duerch de Covid-19 net méi méiglech!! De Covid-19 huet eis Reserven opgefriess!!

... och d'Suen aus dem Fonds de réserve Pacte Logement sinn engagéiert fir d'Investitioune bei der Piste Cyclable respektiv beim Boulodrome ze stäipen

Mir wëssen, datt an Zukunft eng Rei grouss Projeten an d'Haus stinn, an dofir wëllen oder musse mir eis Gesamtapproche am Ëmgang mat de Gemengefinanzen nei denken, nei orientéieren ... dëser Aufgab stelle mir eis, zesumme mat eise Servicer! Eischt Schrëtt si geholl, anerer sinn am Rullen ... an dofir verweisen ech nach emol op de PPF, dee kee Mauerblümchendasein méi dierf féieren. Och hei hu mir nei Akzenter eraus kristalliséiert.

Mir hunn am extraordinaire Beräich am Rectifié 2020 mat 8,6 Mio Recetten a prévisionnéierten 20,6 Mio Euro Dépensen deemno e Mali vun 12 Mio Euro. De Boni propre vun eben 9,8 Mio geet deemno zu bal 92% duer fir dëse Mali ofzedecken, dat ass eng gutt Situatioun.

Fir de Budget 2021 stellt sech awer eng aner Situatioun, hei ass de Boni propre mat 8,3 Mio just prett fir knapp 50% vum Mali am Service extraordinaire 2021 ofzedecken.

De présuméierte Boni aus 2020 vun 8,75 Mio Euro ergëtt een eigentlechen Boni general vun ebe 16,98 Mio Euro fir de Budget 2021.

De Mali vu bal 16,45 Mio Euro aus dem extraordinäre Beräich ergëtt deemno e Boni definitif vu 529 755,83 Euro, dat ass genuch Spillraum fir eventuell Modificatiounen.

Mir hu mat 30,43 Mio extraordinär Depensen natierlech nees een héijen Investitiounsvolumen am Budget 2021 ageschriwwen. Ob dësen integral verschafft gëtt, ass natierlech ze erhoffen an et ass och déi politesch Absicht.

Néanmoins huet de Budget 2020 respektiv d'Chiffren am Rectifié 2020 gewisen, dass duerch Emstänn, d'Previsiounen zu Visioune kënne ginn!

Mir hu vill mat de Servicer diskutéiert a versicht de Budget de Realitéiten unzepassen.

Allerdéngs ass gewosst, datt mir een Emprunt ageschriwwe hunn ... eng Situatioun, déi mir och schonns mam Ministär ofgekläert hunn ... an de quasi Go kritt hunn. D'Gemeng Schëffleng huet héich Recettes Ordinaires, sou dass de Boni définitif vu ronn 600 000 € géif knapp 1,5% vun den Recettes ordinaires ausmaachen, wat ëmmer nach am akzeptable Bereich läit.

Weider zum Budget 2021, wou am ordinären Deel d'Haapteinnahmequellen weiderhin iwwer den Impôt foncier, an natierlech iwwer den Impôt commercial an zur Haaptsaach iwwer de Fond de dotation communale kommen, dat alleng si gutt 75%.

Es ass natierlech schwéier ofzeschätzen, wéi sech alles weider entwéckelt ... awer eent ass kloer, ... et feelen eis de Rectifié 2020 an den Initial 2021 zesumme gekuckt, an eben d'Recette considéréiert, déi mir manner era kréien tëschent 8 bis 11 jo bal 12 Miliounen / eigentlech 15 Millioune laut Prävisiounen ewéi dat virun der Covid-19-Pandemie de Fall hätt kënne sinn (de PPF seet dat zumindest aus) ...

## Kapitel 3: Eng Reflexioun zu eiser Scholdesituatioun

### D'Scholdesituatioun: Pro Kapp just 1366 Euro

Nach eng kleng Reflexioun zur Scholdsituatioun.

Op Gronn vun den aktuelle Gegebenheeten - Recetten, déi klammen – Dépensen, déi raisonnabel a virsiichteg definéiert sinn, gesond Liquiditéiten – ass och dëse Budget ouni op Friemkapital zréckzegräifen, ouni weideren Emprunt anzeschreiwen, opgestallt ginn. (bon bei Suen, déi an de Reservefong geluet ginn, ass dat mengen ech eng einfach Ausso!!) ... esou wäit esou gutt, dat konnt ech d'lescht Joer ouni Suergen einfach esou deklaréieren.

Haut ass dat e bëssen anescht: mir hunn een Emprunt opgeholl / ophuele missten.

Dat ass keen Drama, et ass awer eng verännert Situatioun.

Kënnt derbäi, datt eis Scholdesituatioun eng gutt ass. De Solde vun de Scholde beleeft sech op den 31. Dezember 2020 op 15,72 Mio Euro .... Enn 2019 stung dëse bei 17,98 Mio Euro. .. Enn 2021, wann den Emprunt an d'Spill kéim - an ech zweiwele net drun - da sinn et 20,82 Mio Euro.

Haut: mat Annuitéite vun 2,28 Mio Euro d'Joer – dat si 6,3% vun den dépense ordinaire 2020, also gutt ënner 12 % - sti mir stabil, gutt a gesond. Dat sinn iwwregens knapp 24% vum Boni ordinaire!

Dëst Joer 2020 ass zudeem en Emprunt ausgelaf. Nach eng Info zu den negativen Zënsen, déi aus dem Tableau erauszeliese sinn. Negativ Zënse ginn als zousätzleche Remboursement um Kapital gewäert a mussen also am Tableau vun den Zënsen neutraliséiert ginn, well mär soss net genuch Krediter hätten. Am Tableau sinn och Tauxen affichéiert. All eis Emprunte lafen ënnert dem Eurobar 3 Méint an et ass d'Spuerkeess als eenzeg Bank, déi dann och den negativen Taux applizéiert.

Wann och net an allen Hisiichten aussagekräfteg! Eis Prokappverschëldung Enn 2018 mat 20,47 Mio Euro an 10800 Awunner wor se bei 1895.-, Enn 2019 mat 17,96 Mio Euro an 11200 Awunner ass se bei 1603.-, Enn 2020 mat 15,72 Mio Euro Schold an estiméierten 11300 Awunner reduzéiert sech deemno eis Prokappverschëldung op 1366 Euro.

Dat ass eng gesond Situatioun, déi awer ze relativéieren ass, besonnesch wat d'Awunnerzuel ugeet. Wat méi Awunner wat se da méi kleng gëtt. Vill méi wichteg an aussoekräfteg ass allerdéngs d'Taatsaach, datt eis Annutéiten zu den Dépense ordinär däitlech ënnert 12% leien, (ech mengen iwwergens zu den Recette ordinaire sinn et knapp 9%) dat beweist, datt Spillraum no uewen ass.

Eng Schold vun iwwer 9 Mio mat Annuitéiten vun 25.000.- Euro iwwer 20 Joer ze bezuelen, ass deemno ouni weideres ze verkraften. Och dat ass en Hiweis, datt eis Gemeng eng gesond Finanzsituatioun huet an och weider investitounsfäeg fir d'Zukunft bleiwt. ...

1. Fir dat Budgets-Joer 2021 spillen ebe nach guer keng Iwwerleeungen eng Roll. Mir wäerten an Etappen ab der 2.Hälschent dat neit Capital ophuelen an wahrscheinlech eréischt ufänken mat Capital zreck ze bezuelen, wann d'Integralitéit vun de 9 Mio opgeholl. Da si mir schons 2022.

2. Duerfir direkt e Bléck op d'Situatioun 2022 : Hei si mir dann irgendwou op engem Héichpunkt vun 22,6 Mio a mat enger Gesamt-Annuitéit vun 2.250.000.- ënnerwee, wat ëm déi 7% bis 8% vun eisen Dépenses ordinaires ausmaachen (nach emmer am Grénge Beräich)

3. Et kann dann awer och ufänken enk ze ginn, wann 2022 een weideren Emprunt misst opgeholl ginn. Do hänkt dann alles dovunner of wéi eis Recetten kéinte klammen, well sie mussen – jo sie mussen ohne Wenn und Aber dann eropgoen!!

4. Duerfir als Konklusioun, déi ech besonnesch mat eisem Receveur beschwat hunn, a wou hien mat aller Däitlechkeet, jo mat Nodrock hiweist: Fir eis ass den sensiblesten Parameter vun allem d'Schéier tëscht den Ordinäre Recetten an Dépensen. Hei gëtt et dann fir 2022 an 2023 ëmmer méi kritesch. Ech hunn dat schonns virdru ugedeit ... datt genee dat eis Point Faible ka ginn

e Bléck op de PPF an déi do ageschriwwe Projets weisen allerdéngs, datt mir virsechteg musse bleiwen, jo Spillraum ass do, awer net zu all Präiss ... esou musse mir vrun allem am A behalen, datt d'Schéier tëschent Recette an Dépense ordinaire grouss genuch bleift fir ebe Spillraum ze behalen, eis lafend Käschten ze bezuelen, eis Liquiditéiten ze garantéieren an eis Scholden ofbezuelen ze kënnen ... iwwer dëse Budget eraus gëtt dat eng vun de wichtegsten Aufgabe vun der Zukunft .... dat ass den Défi, deen sécherlech dem Covid-19 geschëllt ass, dee mir awer dem Bierger schëlleg sinn aktiv unzegoen .... ech denken esouguer, datt mir opgeruff sinn eng Detailanalys unzegoen an net dolaanscht kommen d'Prävisiounen korrekt ze definéieren ... mat den Diskussiounen ronderëm den Masterplang geschitt dat och!!

**... nach emol eis Finanzsituatioun ass ok,** et ass awer net verbueden ze hannerfroen a Korrekturen do unzebréngen, wou et méiglech a néideg ass ... dës alles mam Bléck op eis künfteg a

noutwenneg Démarche fir eis Bildungslandschaft nei opzestellen, fir d'ZAE Op Herbett virunzedreiwen, a fir iwwer nei sportlech a kulturell oder och administrativ Infrastrukturen nozedenken – Elementer, déi an eis Diskussioun ronderem de Masterplang dréinen !!!

**Kapitel 4: Déi finanziell Erausfuerderungen am ordinäre Beräich mat engem Bléck besonnesch op d'Taxe Situatioun**

D'Recetten, déi am Prinzip eis Käschtendeckung solle garantéieren, sinn eis Wasser- an Ofwaassertaxen ewéi och eis Reglement iwwer den Offall.

**TAXES /** Taxe d'eau: 2,25 € /m3 / Taxe canal: 1,75 € / m3

| | Eau | Eaux usées | Déchets |
|---|---|---|---|
| **Recettes ordinaires** | 1.550 000 | 1.255.000 | 1.350 000 |
| **Dépenses ordinaires** | 1.100 000 | 800 000 | 1.550 000 |
| **Différence** | 450.000 | 455 000 | -200 000 |

- E Bléck dann op d'Taxen vum Waasser. **Beim Ofwaaser** stinn bei de Recetten ronn 1 255 000 Euro zu 800 000 Euro un Dépensen.

Dat ass nun wierklech e Plus vun 455 000 Euro, allerdéngs e fiktiven Plus, well och hei net all Dépensen, net all Onkäschten, Investitiounen a Parameter erfaasst sinn an dësem Artikel.

Si sinn oft iwwer aner Artiklen ventiléiert, wou d'Zommen net direkt erauszeliesen sinn. Hei ass eng Diskussioun ubruecht fir effektiv Plusen, déi sech kéinten erginn, an e Fong ze setzen.

Op den eischte Bléck ass dat jo eigentlech e Boni. Et muss een awer wëssen, datt an – an dat zielt och fir d'Drénk-Waassertaxen – ,datt eben an den dépenses ordinaires op dësem Artikel net all Onkäschten zum Droe kommen oder besser gesot net erfasst sinn, déi eigentlech ufalen ... dat ass zum Beispill de Fuerpark vum Atelier, dat sinn d'Aarbechte vun de Leit aus dem Atelier fir den Dréck ze sammelen an ze gestionéieren.

A net ze vergiessen d'Onkäaschte fir Kläranlag!!

- **Wat Drénkwaaser concernéiert**, och hei ass festzestellen, de Bléck op d'Relatioun Recetten zu Dépensen mat 1,55 Mio Euro zu 1,1 Euro, dat eben och hei sech eng positiv Situatioun mat Plus 450 000 Euro ausweist.

Allerdéngs ass d'Recette, also d'Taxe esou opgebaut, dëst no de Regelen oder Virgaben vum Ministär, datt se de reellen ufallenden Onkäschten Rechnung dréit. Och hei ass de Boni e quasi fiktiven.

Och hei soll driwwer nogeduet ginn, iwwer d'Speisung vun engem Fong nozedenken. Hei ass d'Iwwerleeung vun enger Modifikatioun oder Adaptatioun vum Taxereglement dorop ausgeriicht oder fokusséiert fir d'Incitatioun Waasser ze spueren ze fërderen, wien verbëtzt soll eigentlech méi bezuelen, et geet drëm de Konsum vun dësem kostbaren an onschätzbarem Gut ze reduzéieren. A mir wollten e sougenannte soziale Kritär mat afléisse loossen, wat allerdéngs bis haut un administrativ-informatesch-technesch Problemer, déi net bei eis leieë, gescheitert ass!!

Et ass jo gewosst, datt mir am Beräich Wassertaxen en Neit Reglement wëllen op d'Schinn bréngen, dëst mat engem Prinzip vum gestaffelte Waasserpräis, dëst fënnt säi Néierschlag nach net am Budget 2021 … soll allerdéngs de Konsument zu engem méi spuersamen Ëmgaang mat Waasser motivéieren … d'Waasser essentiel fir ze liewen, dofir wichteg net ze verbëtzen, ass de Message principal … och hei scheitert et bis elo un eben administrativ-informatesch-technesch Problemer, déi ewéi gesot net an eiser Kompetenz ze siiche sinn

- Am **Beräich vum Müll** stinn 1,35 Mio Recetten 1,55 Mio Dépense géintiwwer, dat esou wuel am Recitifié ewéi och am Initial 2021, also net käschtendeckend ...

Wéi wäit eis Upassungen vum Reglement vun 2019, déi den 1. Januar 2020 a Kraaft getratt sinn, sech am Budget erëmspigelt ass schwéier ze soen. Am Ufank vum Joer huet een eng Tendenz no ënne gesinn vun de Reschtoffallquantitéiten.

Mä de Confinement huet scheinbar dozou gefouert, dass duerno eis Bierger méi fäerdeg verpakte Wuere kaaft hunn an doduerch ass ab Abrëll eng Tendenz zu méi Reschtoffall nees ze verzeechnen. Et ass en atypescht Joer, wou d'Zuelen net direkt ze vergläiche sinn mat de Jore virdrun. Dëse Phänomen mécht eis awer Suergen!

Och d'Prévisiounen fir dat nächst Joer sinn sécher manner präzis ewéi dat soss konnt gemaach ginn. Mer gesinn awer, dass Dépensen a Recetten ausernee ginn. Dëst ass engersäits bedéngt duerch eng Méibelaaschtung duerch de Centre de recyclage SIVEC, déi matt 62.000 Euro zu Buch schléit. Mer hunn awer op der Säit vun den Dépensen och Efforte gemaach. Duerch eng Neiverhandlung vun de Lokatiounskontrakter vun de Müllschleisen, déi mer elo am Hierscht ënnerschriwwen hunn, wäerte mer e groussen Deel vun de Méidépensen kënne kompenséieren.

En Deel Käschten wäert och ewechfalen, well mer ab Januar 2021 d'PMC-Tuten duerch d'VALORLUX direkt asammele loossen a net méi vum

CIGL. Op der aner Säit falen eis domadder awer och 35.000 Euro u Recetten ewech. Wéi dës finanziell Verännerung sech auswierkt muss analyséiert ginn.

Mir kënnen eigentlech zefridde sinn mat eisem System. Net einfach esou hu mir jo de Climate Star kritt. Eist Mülltaxesystem ass eemoleg zu Lëtzebuerg, et motivéiert zum Recyclage, wien trennt, spuert d'Geld, a mécht eppes fir d'Emwelt. Zesumme mam Recyclingzenter hu mir de Reuse am Bléck.

Dat eigentlecht neit Zill ass et elo de System ze verfeineren an op eng ProKapp ProJoer Dréckssituatioun ze kommen, wou nach just 100 Kg net-recycléierbaren Déchets an der schwaarzer Dréckskëscht ze landen huet. Dofir am Joer 2021 e Bilan vum heitege System zéien an do upassen, wou et néideg ass, fir dat Zil ze erreechen.

Net ze vergiessen, datt all eis Aktiounen aus de vergaangene Méint a Joren, Tennisballrecyclage; Zéro Mégots, Verdeele vu Lunchboxen an Drénkfläschen u Schoulkanner, fir de Verpackungsoffall ze reduzéieren; geplangt mä net méiglech duerch de COVID, d'Verdeele vun Drénkfläschen un eis Sportsveräiner, wäerten eis hëllefen de Reschtoffall weider ze reduzéieren.

Mir bleiwen um Ball a loossen weder d'Dépenses bei de Waasser- oder Ofwaassertaxen nach bei de Mülltaxen einfach fortlaafen. Fir Sensibiliséierungsaktiounen hu mir Krediter am Budget stoen a mir ginn proaktiv no vir.

Enmg Erausfuerderung am Beräich vun den ordinären Recetten si net eleng d'Taxesystemer, och den Impôt Foncier (d'Grondsteier) an d'Taxe d'Equipements Collectifs sinn ze pröifen an ze hannerfroën.

### E Wuert zu den Engagements financiers an de Syndikaten

Laut Tableau ass den Engagement par rapport zu de Syndikater net kleng ... hei sinn elo déi Syndikater opgefouert, déi een direkte Service fir d'Gemenge liwweren, mir sinn natierlech och nach engagéiert am ORT sud ... am ProSud ... am GECT, wou jo och finanziell Engagementer spillen mat dësem oder deem Retour, den ORT sud fir eng Rëtsch touristesch Initiativen bis hinner zum Minett-Trail, den ProSud mat dem Dossier Man Unseco Biosphere an déi transfrontalière Cooperatioun am GECT ...

Net ze vergiessen, déi Frais d'investissements vun de Syndikater och am Budget zu Buuch schloen ... an do hu jo an der leeschter Sitzung eng Rei Delegéiert ugedeit, dann hei fir 2022 gréisser Investitiounen vläit kommen !!

Mat 3,75 Mio am Rectifié an 3,95 am Budget 2021 ass dat nawell net wéineg! Net vergiessen, datt déi eenzel Syndikater ouni Zweifel wäertvoll ergänzend Aarbechte maachen, déi net vun der Gemeng aleng ze assuréiere wier. Mir mussen awer wëssen, datt dat fir de Rectifié an den Initial bal 11% vun den ordinären Ausgabe sinn ... rechne mir eis Engagementer fir GECT, ProSud an ORT dobäi leie mir bei bal 12%

**Kapitel 5: E Punkt, deen eist d'Personal concernéiert, well ouni si leeft Näischt: eis Situatioun haut a muer.**

Eng Gemeng ka nach esou flott a modern Infrastrukturen hunn, all dat fonktionnéiert awer nëmmen, wann de Schäffen- a Gemengerot, wann de Bierger op gutt an engagéiert Personal zréckgräife kann.

De gréissten Deel vun den Dépense ordinaire concernéiert natierlech eis **Masse salariale**, dat sinn 2018: 13 982 138 (also 43%) an am Initial 2019: 14 549 561 (ergo 41% vun den Dépense ordinär) elo am Rectifié 2020 sinn et 15 946 679 / am Initial woren 15 826 469 (dat wor deemols e plus vun 6,5%) prävisionnéiert ... mir deemno just eng Differenz vun 0,35% ... (dat sinn iwwregens 45% vun eisen Dépense ordinär

Fir den Initial klammen d'Ausgabe op 16,41 Mio ... dat ass eng Hausse vun 2,87 % oder 457 877 méi Euros

.. zur Info: an de Compte 2017 woren et knapp iwwer 13,0 Milliounen Euro. (oder knapp 39% vun den Dépense ordinaire):

Deemno eng Augmentation, déi bedingt ass e.a. duerch Méiastellungen an duerch kollektivvertraglech Obligatiounen, duerch Indexupassungen.

Op der Recettesäit sinn ronn 650 000 Euro gebucht, dat ass fir eisen Engagement oder Subventiounen fir Apprentis, Leit mat Händikap-statut oder Leit mat enger Mesure iwwer d'Adem cofinanzéiert. Hei erfëlle mir eis sozial Aufgab, ouni Zweiwel!

Ouni an den Deatil ze goen: Op den 31.12.2020 waren

**<u>Personnel communal:</u> 251 personnes dont (254 en 2021)**

47 fonctionnaires dont 2 à temps partiel
8 employés communaux dont 3 à temps partiel
10 salariés à tâche intellectuelle dont 4 à temps partiel
186 salariés à tâche manuelle dont 104 à temps partiel

Iwwer déi lescht zwee Joer ass keng gréisser Variatioun feststellen, et ass allerdéngs den Nouwendegkeeten an de Servicer – eis Gemeng wiisst – Rechnung gedroe ginn, an am Laf vun de leschten zwee Joer sinn eng Rei nei Leit engagéiert ginn, fir Servicer, déi nei opgestallt gi sinn an

och fir de Service Régie ...fir de Service SUDD, wou awer 2020 keng Ännerung ustung, de Recrutement geet op dat Joer virdrun zréck ... de Service de Nettoyage ass gewuess an huet eng Répercusssioun op 2021.

Allgemeng dierf bemierkt ginn, datt d'Rénumératioun vum Personal an enker Relatioun steet vrun allem zu kollektivvertragleche Parameter, esou huet de Changement vun der Stagezäit eng Influenz ... laut Statec ass eng nächst Indextranche 2022 fälleg,

... ofzewaarden ass d'Resultat vun de Kollektivvetragsverhandlungen fir d'Salariés vun de Südgemengen ... hei sinn Revendikatiounen um Dësch, déi schonns eng considerable Hausse bis zu enger halwer Millioun ausmaachen .. eleng d'Suppressioun vun der A2 Carrière (dat sinn d'Agents de nettoyage/proximité) an eng Promotioun an d'Carrière A3 maachen fir eis bis zu 300 000 Euro aus

Um lokale Plang gekuckt, ass festzestellen, datt eis Politique de Recrutement zréck geet op d'Joer 2019, wou besonnesch der Réorganisatioun am Atelier Rechnung gedroe ginn ass, fir 2020 keng zusätzlech Recrutementer virgesi woren ... mir sinn hei gutt ennerwee .. och de Covid-19 ass net spuerlos laanscht de Büro vun der Relation humaine gaang, net datt eis Leit krank woren, awer congé pour raisons familiales, absences wéint Quarantaine, deelweis méi oder manner Iwwerstonnen woren ze gestionnéieren ... bon eis Leit woren jo vill Asaz e.a. beim Verdeelen vun Infoblieder, beim Asaz fir Desinfektioun oder soss supplementar Aarbechten, déi ugefall sinn ... och d'Remboursementer vun de CCSS sinn ëm 80% vun soss 250 000 opp iwwer 480 000 geklomme, och dat ass Covid-19 geschgeschëllt ... den Absentéisme ass eigentlech relativ niddreg an eiser Gemeng, ... am Servie de Nettoyage ass och Covid-19 bedingt duerch CCDs eng Personalopstockung gemeet ginn ...

Dat nëmme e puer Remarques ... Merci eis Leit am Personalbüro, déi eng exzellent Aarbecht virweisen ... a mat Kompetenz eisem Personal zur Dispositioun stinn ...

Fir 2021 an doriwwer eraus sti bedéngt duerch Pensiounen eng Rei Wiesselen un, dëst am Service de Régie an och an der Conciergerie, awer och an den administrative Servicer.

## Kapitel 6: Déi grouss Projeten
## - ë.a. eis Bildungslandschaft entwéckelen,
## - eis Zone d'activité économique ZAE op Herbett,

### Iwwer 80 Millioune fir eng besser Bildungslandschaft

Dëse Schäfferot hält Wuert a mécht Neel mat Käpp. An eise Schoulen ass et enk ginn, dofir den envisagéierten Neibau vun enger Schoul op den Hudelen, an dat an der direkter Noperschaft zur Maison Relais.

Eis Lydie Schmit Schoul brauch eng Fréschzellekur. D'Albert Wingert-Schoul soll zu enger Plaz ginn, wou déi formal an non-formal Bildung nach besser a méi effizient Synergien entwéckele kënnen. Zu engem spéideren Zäitpunkt ass gläicher Moossen ugeduecht an der Nelly Stein kleng Ëmstrukturéierunge virzehuelen, esou datt och hei Maison Relais a Fondamental eng nach besser Cohabitioun kréien.

Et ass schonns eng Zäit gewosst, datt och an der Maison Relais Plaze feelen, fir datt all Kanner vun dësem Service profitéiere kënnen. Mir hunn hei kuerzfristeg reagéiert an zousätzlech temporaire Solutiounen un d'Rulle bruecht, dat ë.a. am Veräinshaus fir d'Kanner vun der Lydie Schmit Schoul respektiv an der Nelly Stein Schoul, wou d'Zesummespill tëschent Maison Relais a Schoul beispillhaft fonktionnéiert.

De gesamte Planing ass esou geduecht, datt een integréiert Konzept entwéckelt gëtt, wou d'Interaktioun, wou d'Infrastrukturen, d'Schoulorganisatioun, d'Kannerbetreiung an eben och d'Pädagogik besser aneengräifen .. jo iwwergräifend agéieren a avancéieren. Dat luung ons besonnesch um Häerz, eng modern kannerfrëndlech pädagogesch qualitativ Aarbecht an dëse Bildungsheiser ze erméiglechen, ze arrangéieren ... dofir d'Idee vun der Dezentraliséierung ... eng Idee, déi elo amgaang ass hire Wee ze maachen, a wou d'Lehrpersonal an d'Schouldirektioun, d'Educateurs zesumme mam Ministär a mat der Gemeng un engem Strang zéien, mat Nuancë natierlech.

Mir hunn op der ganzer Linn reagéiert an e breet Konzept opgestallt, dëst mam Zil eis Schoulen ze moderniséieren, méi Klassesäll ze schaffen an och datt d'Kannerbetreiung an der Maison Relais vun neie Méiglechkeete profitéiere kann.

Mir investéieren dowéinst an de nächste Joere iwwer 80 Milliounen. Et ass dëst am Intressi vun de Schoulkanner.

D’Maison Relais gëtt dezentraliséiert an domadder och méi grouss.

D’Lydie Schmit Schoul gëtt renovéiert a vergréissert.

Fir datt alles a gudde Bunnen ofleeft, brauche mir allerdéngs fir den Iwwergang temporair Strukture fir Schoul a Maison Relais, dat geschitt dëst an d’nächst Joer mat zäitgeméisse Modulbauten op den Hudelen.

D’Albert Wingert Schoul gëtt gläichermoossen deelweis ëmstrukturéiert a vergréissert, an ass an enger éischter Phas eng temporär Struktur fir een Deel vun der Lydie Schmit Schoul.

An ebe mam Bau vun enger neier Schoul op den Hudelen gëtt dëst Konzept qualitativ a quantitativ ofgeschloss, wuel wëssend, datt zousätzlech Etappen an d’A ze faasse sinn.

All dës Konzepter a Strategië si mat de Schoulkanner, den Elteren, den Enseignantë, den Educateuren a villen aneren Intresséierten opgestallt ginn. E Merci fir dës aktiv Participatioun bei der Realisatioun an dem Definéiere vum Konzept, datt allgemeng bis an de Ministär eran eng grouss Zoustëmmung fënnt.

Bal 80 Milliounen ginn also investéiert ... well dat eis Finanzen nawell richteg strapazéiert, si mir umgaang zesumme mat den zoustännege Ministären e Finanz- a Subventiounskonzept mat enger kuerz- a mëttelfristeger Strategie ofzeklären ... am Extraordinäre Budget fir de Rectifié an den Initial sti ronn 15 Mio Ausgaben.

**D’Zone d’activité op Herbett: eng Plus Value**

Dëst wore meng Wierder d’lescht Joer an dëst Bekenntnis wëll ech gären nees widderhuelen ... a mir hunn dru geschafft fir hei virun ze kommen. E Projet och vun der Durabilitéit, wou finanziell Engagementer, Gedold an Tenacitéit gefrot sinn, et ass e Projet, deen net op d’Spillwis vun der Polemik gehéiert, et ass e schwieregen Dossier, jo ... et ass allerdéngs een Dossier, deen mir mat aller Volontéit konkretiséiere wëlle, woubäi d’Zirkularekonomie mat allen Atous zum Droe soll kommen.

D’Realisatioun vun der Zone d’activité économique geet dann och Hand an Hand mam Projet vun der Kiemelbaachrenaturéierung, e Projet mat enger weiderer Plus Value, ... och an eisem Beméien dem Naturschutz, der Ëmwelt eng nei Chance ze ginn.

Mam Vote fir d’Réalisatioun vun enger Déifgarage hu mer e kloert Signal gesat, dass mer elo endlech (no der Approbatioun 2014) och um ëffentlechen Terrain Neel mat Käpp maachen.

Mer hunn dëse Projet an de Kontext “économie circulaire” gesat a wëllen domadder weisen wéi d’Aktivitéitszone vun der Zukunft soll

ausgesinn. De Ministère de l'Economie huet op eisem Konzept opbauend e Vademecum ausgeschafft, deen zukünftegen Zonen soll opweisen wéi se Kreeslafwirtschaftskonform kënne funktionéieren.

Wéi jiddereen um Site gesäit, si mer mat den Infrastrukturaarbechten praktesch fäerdeg. Emmerhin bis zu 5 Mio sinn hei engagéiert!

Och de Projet Batiself/Hoffmanns ass an de finaler Phase a wäert am Fréijoer 2021 seng Diren opmaachen! Da kënnt Liewen an d'Zone, ouni Zweiwel. Emsou méi wichteg ass et, dass elo endlech och op de Gemengen- a Staatsterraiën eppes geschitt.

Mer sinn am gaangen Gespréicher ze féieren fir als Gemeng mat dëser Zone an de Gemengesyndikat ZARE opgeholl ze ginn.

En Accord de principe läit vir, momentan si mer amgaangen de finanzielle Kader ze setzen fir dëst ze finaliséieren. Natierlech kann ee soen, dir hätt solle wuarden bis de Bäitrëtt zum ZARE ofgeschloss ass, natierlech kann ee soen de Parking, dee mer an der leschter Sitzung gestëmmt hunn, mat de Stëmmen vun der Majoritéit, ass ze deier, natierlech kann een nach aner Punkte siche goe fir d'Entwécklung an der ZAE op Herbett nach weider ze verzögeren.

Nee, et sinn zënter 2014, der Approbatioun vum PAP bis haut 6 Joer vergaangen, 6 Joer wou Villes hätt kënne geschéien, wat mer haut virgeworf kréien. Déi heiteg Majoritéit huet decidéiert fir Aarbechtsplazen an der Gemeng ze schafen, fir esou vill ewéi méiglech Betriber an dëser Gemeng an der ZAE op Herbett eng Chance ze ginn fir sech z'etabléieren, an et geet duer mam Gepiddels, an alles a Fro ze stellen.

Mam Vote vum leschte Freiden hu mer e klore Message ginn, och wann d'Oppositioun scheinbar léiwer wëll verzögeren a manner Betriber d'Chance wëll ginn fir sech do néier ze loossen. (e puer Remarques zum Parkhaus!)

D'Zirkulareconomie ass e wichtegt Element fir virun allem de Ressourceverbrauch ze reduzéieren an e frëndlecht a gesond Ëmfeld ze schafe fir all d'Akteuren, déi do agéieren.

Ech hunn dat lescht Joer am Detail erkläert, wat eis an deem Sënn wichteg erschéngt:

- Eng rationell Notzung vun de Flächen: duerch z.B. Gemeinsamnotzung vu Flächen, déi nëmme sporadesch an engem Betrib genotzt ginn

- Eng intelligent Notzung vu Waasser: obligatoresch Reewaassernotzung
- Den Energieverbrauch maximal reduzéieren, duerch Energiespuerend Bauweisen / Energieproduktioun a –verbrauch um Site / Gemeinsam Heizzentralen mat interne Wärmenetzer / Natierlech Beliichtung duerch duerchduechten Architektur
- Nohalteg Konstruktioun an Asaz vu nohaltegen a gesonde Materialien beim Bau: Demontabel an erëmverwertbar Konstruktiounen, dee modulabel an upassbar u wiesselend Bedürfnisser ass / Asaz vu nohaltege Materialien z.b. Holz . Iwwregens kann een och eng Déifgarage ëmnotzen, wann iergendwann net méi all Parkplaz gebraucht géif ginn. Vun der Héicht hir ass dëst Parkhaus och ëmnotzbar. Aanescht wéi dat de läschte Freideg hei vun der Oppositioun duergestallt ginn ass z.B. als Stockageraum, fir Räim wou d'Produktioun kee Liicht verdréit a villes méi.
- E frëndlecht Ëmfeld fir Salariéen an der Zone Structure d'accueil fir Kanner vun de Salariéen / Restauratioun / Zone de récréation am Dall vun der Kiemelbaach
- Eng intelligent Mobilitéit a Logistik / Optimal Ubannung fir d'aktiv Mobilitéit / Ubannung un den ëffentlechen Transport / Sharingoffere vu Vëloen an Autoen / Infrastrukturen fir Elektromobilitéit / Logistikkonzept fir onnëtz Transporter ze évitéieren
- Eng héich Biodiversitéit um Site selwer / Gréngdiech fir e bessert Mikroklima / Beem- a Strauchbeplanzung fir Verschattung a Produktioun vu Sauerstoff

Mer sinn am stännege Kontakt mam Wirtschaftsministär an am Austausch mat hinnen hu si erkannt, dass de Gedanke vun der „économie circulaire" net ëmmer am Aklang ass mat der aktueller Legislatioun an dass et do muss zu Upassunge kommen.

Wéi scho gesot hu mer eis aktiv beméit fir als Gemeng an de Syndikat ZARE opgeholl ze ginn, … eigentlech leeft dat alles op vollen Touren … an dat ass gutt, wat eis finanziell bei der Erschléissung vun der Zone a bei anere Projeten, wéi z.B. dem Bau vun der Déifgarage, an dem Bau vun engem Gebäi, wat mer wëllen u Betrieber verlounen, kann hëllefen.

Och wa mer nach net formell am ZARE opgeholl sinn, sou sinn och déi ugeduechten Invester mat hinnen ugeschwuat ginn a Finanzéierungsméiglechkeeten diskutéiert ginn. Och wa mer do nach keen Engagment kënnen op den Dësch leeën, ginn et do interessant

Perspektiven, déi en anere Bléckwénkel ginn op deen een oder aneren Invest, dee mer elo als Gemeng beschléissen.

Den ZARE kann natierlech och vun eiser Aarbecht am Beräich économie circulaire léieren an Elementer an déi bestehend Zonen an an nei Zonen afléisse loossen.

Wéi schonn d'lescht Joer gesot hu mer vill Interessenten, déi sech wëllen op Herbett néierloossen a mer sinn an engem dauernden Austausch mat deenen, déi mer op den ëffentleche Flächen wëllen ophuelen an och an engem dauernde Kontakt mat all den aneren interesséierte Betrieber.

Am Austausch mat de private Propriétairen an enger Rei Betrieber hu mer d'Roll vum Facilitateur iwwerholl, fir béid Parteien méi no ze bréngen an interessant Betrieber an d'Zone "op Herbett" ze lackelen.

D'Konzept vun der Economie circulaire kënne mer hinnen net imposéieren, allerdéngs dat Vertrauensverhältniss, wat mer mat de Propriétairen an enger Rei Entreprisen an de vergaangene Méint a Joren opgebaut hunn, hëlleft ouni Zweiwel fir eis Iddien och op déi privat Terrainen z'iwwerdroen.

D'Betriber, déi op déi ëffentlech Fläche kommen am "droit de superficie" hu mat eis zesummen a mam Architektebüro Witry&Witry un der Architektur vun de Gebäier geschafft. Doduerch, dass mer alles openeen ofgestëmmt hunn an ee gemeinsamt Konzept erschafft hunn kënne pro Betrieb Käschte gespuert, well d'Entwécklungsaarbecht zesumme gemaach ginn ass.

Anersäits kann dëst natierlech der ganzer Zone ze gudd kommen, wann d'Architektur vun de Gebaier sech uneneen upasst. Hei si mer gudd virukomm an déi éischt Betrieber wäerten Ufank 2021 hir Baugenehmegungen kënnen ufroën.

Ech hat d'läscht Joer gesot ech géif erwuarden, dass mer Enn 2020 mat de Bauaarbechte kéinten ufänken. Dat hu mer net ganz gepackt. Mä den éischte Projet ass elo gestëmmt ginn a mer wäerten dann am Fréijoer 2021 definitiv kënne ufänken. E Merci un de Schäffen Marc Spautz an och d'Servicer fir d'Koordinatiounsaarbecht.

Et versteet sech vum selwen, dat eis zone d'activité économique op Herbett an dësem Budget selbstverständlech déi noutwenneg Krediter akkordéiert kritt.

**Kapitel 7: Weider Investitioune fir Zukunft**

**Stéchwuert: Atelier a Masterplang /** an e puer Wuert zum Haus Mettler, Haus a Kassen, Haus Entenich, wou jo gréisser Renovatiouns- an Ëmbauaarbechten ustinn.

**Investitioune fir Schëffleng**

Eis Gemeng huet iwwer déi lescht Joren net nëmmen ee Populatiounszouwuess "hors norme" kannt, nee si huet sech och soss a villen Hisiichte verännert:

1. soziologesch gesinn mat de bal 100 verschiddenen Nationalitéiten, den villen neien Awunner, déi a de neien Wunnengen eng Heemecht hei fonnt hunn ... urbanistesch betruecht mat der neier verännerter Entrée a Schëffleng eran, ...

2. ... an och veräinsméisseg huet Schëffleng sech verännert... virun knapp 30 Joer woren 50 Veräiner aktiv, haut sinn et der bal 80

...**An déi Changementer gi weider:**

3. mir selwer hunn a rezente Gemengerotreunionen dräi Projets präsentéiert an ofgestëmmt, déi zu engem grousse Changement vum Uertschaftskär féieren:

- den Ëmbau vum Haus Entenich an e Centre fir "SOS-Faim", och hei si mir an der Spuer
- dat selwescht zielt fir den Ëmbau vum Haus A Kassen, wou d'Associatioun Telos, déi am soziale Beräich aktiv ass, Logementer zur Dispositioun kritt, wou nei Reimlechkeeten fir Lokalveräiner, déi am kulturelle Liewe vun der Gemeng eng wichteg Stäip sinn, installéiert ginn, wou e Centre médicale ageriicht gëtt a wou fir verschidde Geschäfte nei Perspektiv méiglech gemeet ginn ... Wat d'Investitiounsfähegkeet ugeet bleiwen mir an der Kontinuitéit an et ass ze soen, datt mir dës Projet de Realitéite an den Noutwendegkeeten vun de künftegen Locatairen ugepasst hunn an domadder de Projet fir d'Finanzen vun der Gemeng méi raisonabel orientéiert hunn, an op méi korrekt Féiss gestallt hunn.
- ... awer och duerch Initiativen a Projets vun Privatpromoteuren wäert sech d'Bild vun der Liberatiounsstross staark veränneren.
- Net ze vergiessen de Bau vum Parkhaus an d'Renovatioun vum Haus Mettler, wou den Office social seng definitiv nei Heemecht kritt, a wou déi verschidden Servicer dann och eng méi optimal Aarbecht leeschte kënne, an sech alles méi biergerfrëndlech präsentéiert

Déi verschidden Devisë sinn dem Gemengerot presentéiert ginn (fir Haus Mettler, Entenich a A Kassen) an enger Gréissenuerdung vun 12 Mio), wou elo am Budget éischt Investitiounen vun knapp zwou  Mio dra stinn. Och dës Projet hunn eng Répercussioun op eise Budget initial 2021. Mir sinn hei mat de Prozeduren um gudde Wee ..

- De Boulodrome an dat neit Déierenasyl sinn prett gemeet ginn fir nei Aufgaben an nei Aktivitéiten, zwou flott Infrastrukturen, déi eng ageweit, déi aner fräi ginn fir ze spillen, awer och hei huet de Covid-19 vill Leit uerg matgespillt ... d’Ofrechnungen kënne gemeet ... zwee flott Projets, déi natierlech am Rectifié an och nach am 2021 erëm ze fannen
- Mir wëllen endlech och viru kommen mat dem Réaménagement an dem Assainissement vun der Industriezone Op Monkeler. 150.000 Euro ass den Ufank fir infrastrukturell an ëmwelttechnesch Noutwendegkeeten resolut unzepaacken. Et ass, neen et soll dëst e Schrëtt a Richtung Verbesserung vum Stroosse- a Kanalnetz ginn, verbonne mam Zil d’Ëmweltbelaaschtungen fir Mensch an Natur ze reduzéieren an eng besser Ofwaasergestioun ze organiséieren ... ab und zu kann d’Uelzecht dowunner e Lidd sangen, wann knaschteg Ofwaasser statt an de Kanal an der Uelzecht landen.
- Hei sinn allerdéngs mir net alleng gefuedert, hei mussen Betriber selwer Hand mat upaken, hei mussen och déi concernéiert Ministären an Administratiounen hier Responsabilitéite an d’Spill bréngen. Ouni Partnerschaft tëschent d’Gemeng, Ministär a Verwaltung a Betrieber fuere mir an eng Saackgaass. Zesumme mat der Ville d’Esch si mir an der Spuer, hei endlech Neel mat Käpp ze maachen
- .... d’Renovatioun vum Ausseberäich vun eisem Stadhaus, vun der Gemeng geet och weider

**E Chantier mat enger wierklech grousser Envergure ...**

**...** fir déi gesamte Gemeng geet Gott sei Dank Schrëtt fir Schrëtt virun. Net esou séier ewéi gewënscht. A mat vill Gestreids a Gedeesëms, dat wore meng Wierder dat leescht Joer, déi ech elo net weider kommentéiere wëll.

Déi nei Entrée an de Centre Ville duerch déi nei Drusenheimstrooss, d’Suppressioun vun de Passages à niveau, d’Realisatioun vun enger Vëlospiste laanscht d’Eisebunn, de Bau vun enger Mur antibruit, den Aménagement vun enger neier Gare, verbonne mat engem PMR-gerechten Arrêt, nei Foussgängerweeër mat engem Passage vun der Cité

Soltgen eriwwer an d"Cité Op Hudelen, d'Passerelle an der Avenue de la Résistance mat Verbindung an d'Liberatiounsstross a villes anescht, dat sinn Ëmbauten a Neibauten, déi eis Gemeng elo kuerz- a och mëttelfristeg veränneren ...

Dësen urbanistesche Changement huet natierlech och e finanziellen Enjeu, deen gläichermoossen och eise Gemengebudget touchéiert. Wat elo dann awer och endlech an eng final Phase kënnt, datt ass de Réamenagement vun der Alyose Kayser Stross mat zwou klenge neie Parkanlagen, déi lénks a riets vun der Drusenheimstross um Eck Liberatiounsstrooss realiséiert ginn!!

Mir hunn jo eng Rei Mesüren décidéiert fir e méi moderate Wuesstem ze erméiglechen a mir versichen Bauterrains an eis Hänn ze kréien, fir souzesoen eng Baulandreserve unzeleeë, déi eis an Zukunft d'Possibilitéit gëtt weiderhin als Gemeng d'Wunnraumbeschaffung aktiv matzegestalten ...

.... besonnesch och am Beräich vun "Logement à coût modéré" ... de Kaf vun Terrains ass am Rectifié an am Initial 2021 virgesin .. och eng Rei Droit de préeemption hu mir ugefrot, déi awer net all am Budget integréiert sinn. ... hei muss allerdéngs gesot ginn, datt et net ëmmer einfach ass hei op e positive Nenner ze kommen!!)

Allerdéngs muss och alles dru gesat ginn, d'Bautätegkeet, d'Urbaniséierung an d'Schaffung vun neien Infrastrukturen, ob Schoulen, Sport- a Kulturzenteren, Gemengegebaier a déi vill aner baulech Verännerungen .... ze kanaliséieren, ze steieren an nohalteg ze plangen.

**E Wuert zum Masterplang**

Dat maache mir iwwer déi eng oder aner Modifikatioun vum PAG, iwwer d'Definitioun vun de PAPs quartiers existants oder och quartiers nouveaux... a vrun allem am Kader vun den Diskussioune ronderëm d'Opstellung vun engem Masterplang. Mir sinn do gutt ënnerwee.

Dëser Initiativ hu mir eis zanter zwee Joer verschriwwen ... vill Bierger hunn sech aktiv an dëse Prozess ageschalt, hu matdiskutéiert, hunn hier Meenung gesot, an munch kommunal Kommissioun huet zousätzlech oder ergänzend Avis formuléiert... dat alles ass Deel vun eiser Idee, déi participativ Demokratie ze stäerken an eescht ze huelen.

Zesumme mat eise Bierger, den Delegéierten an de kommunale konsultative Kommissioune wëlle mir och weiderhin iwwert d'Zukunft vun eiser Gemeng Schëffleng nodenken an dës nohalteg gestalten. ... eppes wat awer leider net viru komm ass, den Covid-19 huet eis hei wierklech een décke Stréch duerch d'Rechnung gemeet ---

Jo mir wëssen, datt mat Ongedold op een Ofschlussdokument gewaart gëtt ... mir si weider komm am Dossier, mir wëllen den intresséierte Matbierger och schnellstméiglech déi éischt Resultater a Konklusiounen dowunner presentéieren .. dat ass an enger Aarbechtssitzung am Gemengerot iwwer d'Bünn gaang ... awer mir wëlle de partizipative Prozess mat de Bierger nees ophuelen, esou bal dat méiglech ass ...

**E Masterplang fir Schëffleng**, fir d'ganz Gemeng ass a bleift eis e wichtegt Uleies.

Ech soen, Sorry, datt de Pabeier nach net virläit, wuel wëssend awer och, datt dëse Pabeier net am Tirang verschwonnen ass ... am Géigendeel, ech hunn et gesot ... mir hunn déi lescht Méint weider an intensiv um Masterplang geschafft ginn ... all eis Gebeier sinn analyséiert ginn a puncto Staark– a Schwaachstellen, a puncto Renovatioun oder Neibau, ... donieft ass och de finanziellen Enjeu mat an d'Spill komm ... et geet och drëm iwwer Synergien an Optimisatiounen vun Onkäschten oder vun Energiebilanzen nozedenken

Éischt Konklusiounen zum Stand vun haut: den Dossier gëtt presentéiert, ier iergendwellech konkret Schrëtt initiéiert ginn ... et geet eis wierklech drëm de partizipative Prozess mat de Bierger ze relancéieren ... de Biergerhuet an eisen Aen e Recht déi weider Suite am Dossier ze hannerfroen a mat ze diskutéieren ... mir verspriechen, datt dësen Dossier net am Stillen Kämmerlein vum Buergermeeschter oder dem Schäfferot eleng décidéiert gëtt ... et feelt eis net u Courage a Wëllen, nee mir sti fir een oppenen Discours mat den Intresséierte Bierger ... ech bieden dofir ëm Versteesdemech, datt mir mat enger neier Situatioun konfrontéiert sinn, déi eis leider fir de Moment net all Méiglechkeet zou léisst ... awer mir wëllen de Bierger weiderhin um Ball halen

E Masterplang ... wou et och drëm geet sech e Prioritéiteplang opzestellen, well et ass gewosst, datt net alles gläichzäiteg ëm- oder nei gebaut ka ginn ... och dat muss am Planing considéréiert ginn ... dat alles ass net mat engem Schoss aus der Hëft eraus ze realiséieren ... dat ass och net einfach am Schnellzuchtempo um Pabeier ... dat ass e Prozess, deen Zäit a Gedold brauch, wou an de leschte Wochen de Schäfferot mat den concernéierten Service eng helle Wull Gespréicher gefouert huet fir ee kohärent Dokument ze produzéieren ... net ze vergiessen, datt eis Masterplang Bildungslandschaft Schëffleng een Deel vum gesamte Masterplang ass...

Mir hunn eis bei der Elaboratioun vum Masterplang Schëffleng 2030 och eng Assistance économique, financière et technique geséchert, wou

mir d'Previsiounen an méiglech Optiounen, déi kuerz a mëttelfristeg, awer och laangfristeg unzepake sinn, erauskristalliséiert hunn, an dat op der Basis vun de Resultater a Virstellungen aus de Workshops mat de Bierger, déi elo zu Recht ongedëlleg op Resultater waarden ... dësen Debat geet weider, .. e globalt, nohalteg an integrativt Konzept virzeleeën ass eist Zil, an dat geschitt .. och wann aner Behaptungen an d'Welt gesat ginn ...

Eng Gemeng brauch engagéiert a motivéiert Mataarbechter, déi e recht op ugepassten Aarbechtskonditiounen hunn ... dat zielt fir eis administrativ Servicer an dat zielt gläichermossen fir eis Service de Régie ... fir eisen Atelier, deen a villen Hisichten ze kleng ass, deen de Normen nëmme nach bedéngt Rechnung dréit, ... hei laafen d'Planungen op volln Touren fir hei Remedur ze schaffen, ... och dëse Projet d'Aarbechstkonditiounen optimiséieren, effizient Infrastrukturen fir e modernen Atelier mat neien Vestiären, Büros an Openthaltsraum sinn eist Zil ...

## Kapitel 8: Eis Gemeng:

**Asaz fir Solidaritéit no bannen an no baussen**: ech erënneren hei un all eis Projets am Kader vun Schëffleng Hëlleft an un d'Aktiounen vum Team Fair Trade, awer och eis Engagementer vis-à-vis dem Office social, dem CIGL a Proaktiv

...et ass dat alles eng Politik vun der Solidaritéit, déi ëmmer nees ëmgesaat muss ginn

... dat selwescht gëllt fir eis Kooperatioun mat Maison des Jeunes a mat dem Clubhaus beim Kiosk

.... och eisen Asaz ronderëm den Design4all, eis Chancegläichheetsinitiatice, d'Kannerbetreiung a villes méi gesinn ech um selweschte Level ...hei engagéiere mir bsi zu 2,5 Milliounen Euro am ordinären Deel

... nei Weeër gi mir jo och am Beräich Integratioun, wou mir intensivst un engem Plan communal d'Intégration schaffen, och dat ass net vun der Hand ze weisen

**zesumme mat de Veräiner**: dat ass a bleift een Uleiess, all eis Veräiner brauchen nees Zäit sech ze engagéieren, si sinn de Pilier vum Mateneen an eise Gemeng, ... dofir hu mir de Veräiner och eng zousätzlech Subsidienhëllef akkordéiert ...

- Mat der Aféierung vum CGDIS sinn am Service de secours nei Orientatiounen ze fixéieren, e.a. ass eis Contribution à la mise en place et au fonctionnnement du futur CGDIS mat bal 450 000 / dann woren knapp 390 000 fir 2020 festgeschriwwen ginn; dëst laut Circulaire vum Minister. Eng däitlech Hausse deemno, déi kengesfalls kompenséiert gëtt iwwer d'Konventioun fir d'Mise à disposition vun eisem Gebei, wou mir jo Loyer bezéien
- D'Entwécklung an dësem Beräich ass nach duerch eng Rei Inconnus charakteriséiert. Den CGDIS ass sécherlech um gudde Wee, et bleiwen awer nach Froen op, am Zesummespill Gemeng-CGDIS. Mir sinn jiddenfalls frou, datt eisen Service de Secours - dësen ass jo Bestanddeel vum CGDIS – nach ëmmer operationell ass, an dat soll och esou bleiwen.

**eng Politik vun der Durabilitéit a fir Klimaschutz** Mir bleiwen eng Klimaschutzgemeng, wëllen alles dru setzen fir eis Rezertifizéierung als European Energy Award Gold – Gemeng ze konfirméieren, dat alles

bedéngt Investitioune fir eng nohalteg an ëmweltorientéiert Energiepolitik....

Aktive Klimaschutz**:** mir wëllen all Potentialitéiten eng Chance ginn, a mir si gutt ënnerwee am Domäin reduzéierten Energieverbrauch a Zirkularwirtschaft … dofir och nei Reflexiounen concernant den Asaz vun der Cogénératioun

ëmwelttechnesch / hei si mir zanter Joeren um gudde Wee / d'Auszeechnung fir den europäesche Klimastär an d'Rezertifizéierung vum European Energy Award Gold an och de Climate Star ronderëm eis Initiativen am Beräich Offallgestioun sinn de beschte Beweis, wuelwëssend awer och, datt hei de Prinzip "Noblesse oblige" steet, jo mir bleiwen gefuerdert eisen Engagement fir Natur- an Emweltschutz an deemno fir eng aktiv Klimaschutzpolitik op héighem Niveau ze halen / a wien de Budget analyséiert,ass mat eis eens, datt do nees vill nei Akzenter definéiert gi sinn … an dat ass och mat Absicht geschitt

... ausserdeem an ech hat dat schonns gesot lafen d'Präparatiounen op vollen Touren fir alles ze ënnerhuelen, datt mir eng weider Rezertifizéierung ustriewen fir eisen European Energy Award Gold weiderhin ze assuréieren ... et gëtt bekanntlech am Kader vum Klimapakt 2.0 e neie Mossnahmekatalog fir eben dës Zertifizéierung ... den Audit ass am Laf vun 2021 um ordre du jour ... et geet hei ëm 450 000 Euro (oder ebe manner),

gläichermossen wëlle mir eng Zusazzertifizéierung an anere Beräiche e.a. Economie Ciruclaire, Klima-upassung oder och Loftqualitéit upeilen ... dat alles soll eist Beméien ëm Klima- a Naturschutz ënnersträichen ... Merci de Leit am zoustännegen Service fir déi net einfach Zesummestellung also ewéi gesot En nJoer leeft den aktuelle Klimapakt aus a gëtt duerch de Klimapakt2.0 ersat. ... op e puer Ännerungen muss reagéiert ginn, dës sinn technesch Elementer, awer och Froen vun organisatorescher a finanzieller Natur. An dëse Kader fällt och d'Ennerschrëft fir e neie Vertrag mat My Energy concernant de Klimaberoder ...

nach emol: déi aktuell Subventioun op Basis vun eise momentaner Zertifikatioun, gëtt ëm 30% gekiertz an ab 2022 ëm 40%. Dat bedeit tëschent 100 000 an 130 000 Euro manner Subventioun. De neie Audit offréiert d'Méiglechkeet am Fall vun der Zertifizéierung mat Gold 450 000 Euro belount ze ginn, dat ass natierlech een Defi, deem mir eis stellen, well d'Ausgaangsbais méi ewéi korrekt ass. Mat den ugeduechten Zusazzertifizéierungen sinn

Extrasubsiden net ausgeschloss!

ech wëll bei dësem Punkt och nach op eis Initiativ oder Pilotprojet hiweisen, déi eis et erméiglecht huet een Inventar oder eng Analys ze maachen vun all eisen Initiativen am Beräich vun der Nohaltegkeet, der Solidaritéit no bannen a no baussen, de Klimaschutzmossnahmen asw … et geet drëm e Guide-référentiel opzestellen als Orientéierungshëllef fir d'Gemengen bei den Aktiounen sech nohalteg ze entwéckelen, fir och kënne nozevollzéien an ze préifen, wou Schwachstellen sinn, wou Staarkstellen sinn, déi dann eben verbessert oder ausgebaut gehéieren. Mir hunn eis als Gemeng dësem Pilotprojet gestallt … d'Resultater dowunner sollte jo op enegen Nohaltegkeetsdag präsentéiert ginn, dat ass eng weider Stäip an eise Effortë konkreten an effektiv Klimaschutz am Sënn vun der Durabilitéit ze steieren. Dëst alles ass sécherlech kee Luxus, neen et ass eng Necessitéit !

Mir bleiwen net dobäi stouen bleiwen … nach e weideren Challenge steet un : mir striewen och eng Zertifizéierung am Dossier Naturpakt un **..** hei geet et drëm ze préifen an ze weisen, wellech Initiativen d'Gemeng an de vergaangene Jore am Beräich Naturschutz virzeweisen huet … an do sinn d'Stéchwierder :

Naturschutzzonen, Natura2000gebidder, Naturschutzgebitt am Brill, Lallenger- a Brucherbierg, Baampflanzaktioun, Heckepflanzaktioun, Erhale vun der Biodiversitéit, Pestizidfräi Gemeng, Uleeë vun Weierë an Marë, Renaturéierung Ulezecht a Kiemelbach, … also och hei wëlle mri versiichen iwwer méiglech Subventiounen eis Aktiounen aus de leeschte Joeren ze valoriséieren … och dës Zertifizéierung kaascht Aarbecht an Engagement, déi sech letztenendes awer lount, … fir eis Gemengefinanzen, besonnesch allerdéngs fir eis Ëmwelt, …

Grouss Hoffnung setze mir weiderhin an de Projet Renaturéierung vun der Uelzecht am Raum Am Pudel/an Am Brill, wuelhoffend, datt hei endlech eppes geschitt. Eng Knapp Mio ass alt nees virgesinn am Budget 2021.

## Kapitel 9: Verschiddenes ...

## Zum Ofschloss nach e Bléck op Esch2022

Fir d'Drëtt ass elo Lëtzebuerg als d'Kulturhaaptstad derbäi. Dës Kéier net d'Haaptstad selwer, dofir awer de **Süde vum Land**, do wou de Wuelstand vum Land säin Ursprong huet oder entstanen ass, gepräägt vu ville fläissegen a kräftegen Hänn an dem Esprit d'Entreprise vu Leit mat Visiounen.

Schëffleng huet déi grouss **Chance** bei Esch2022 matmachen ze kënnen. Dëst ass net nëmmen **eng grouss Chance**, awer och eng **grouss Erausfuerderung,** net nëmme wat d'Planifikatioun mat eise Servicer ugeet, vrun allem och **budgetär** geduecht musse mir eng Schëpp dropleeën. Mir maachen dat gären a stinn hannert deene Projeten, déi schonns agereecht gi sinn oder nach wäerten ginn.

Mir maachen dat duebel gären a gesinn eng Verflichtung doranner Schëffleng an d'Schëfflenger Leit mat op de Wee ze huelen fir bei Esch2022 derbäi ze sinn. Et ass eist Zil Schëffleng endlech op d'Landkaart vun den touristeschten Evenementer a Plazen am Süden, am Minett ze setzen.

Folgend Aufgabe gëllt et z'erfëllen:

- de Lien maache mat Esch2022, de Public dobaussen informéieren
- déi potential Porteurs de projets informéieren an hinnen ënnert d'Ärem gräifen, wa si Hëllef brauchen, Krediter am Budget si virgesinn fir ë.a. d'So vum Marxeweier, fir de Minett trail, fir de Projet vun engem Gîte, asw.

Ech wollt awer nach bäifügen, datt et bei Esch2022 net nëmmen ëm Projeten am kulturellen Domaine geet ... et geet och drëms eng **nohalteg an durabel Entwécklung** an dem ganze Süden an **och an eiser Gemeng** **z'ënnerstëtzen an ze promuvéieren**.

Mir gesinn dat esou, dass Schëffleng op der kultureller Landkaart an Zukunft ze fanne wäert sinn. Do si mir gefuerdert, **d'Schëfflenger Konschthaus wäert do seng Roll spillen** a wäert eng Valeur ajoutée fir d'ganz Gemeng ginn an doriwwer eraus. Mir wäerten heimadder och nei Akzenter setze fir eng qualitativ an héichwäerteg Konscht kënnen ze promovéieren an d'Bierger dofir kënnen ze begeeschteren, **dëst ouni den Hobbykünstler ze defavoriséieren**. Am Géigendeel mir denken driwwer no, e quasi zousätzlechen Espace culturel zur Dispositioun ze setzen, fir eist kulturellt Schaffen nach méi breet opzestellen.

**Kapitel 10: Nach eng Rei vu Konklusiounen; déi ze zéie wieren.**

Voilà dat wier et mat de Chiffres clés a mat eenzel Detailzuelen an Informatiounen. Merci nach emol alle Servicer bei der Opstellung vum Budget. Et ass en net einfach Akt an et gëtt och ëmmer méi schwiereg fir den Duerchbléck ze hunn.

Eise Budget léisst sech weisen: et ass den Opportunitéiten an de Porblemer vun der Zäit mat Covid-19 Rechnung gedroe ginn, et ass e Budget mat anere Perspektiven a Chancë fir eis Gemeng, fir eis Bierger. Et ass e Budget fir eng aner, eng besser Liewens- a Wunnqualitéit.

Wuelwëssend awer och, datt mir net op alles eng Äntwert hunn.

Wuelwëssend awer och, datt dëse Budget schwiereg ze definéieren wor, well eng wierklech Planungssécherheet net do ass.

Allerdéngs ass et trotz allem e Budget vun der Virsiicht, mélangéiert mat enger Spuer Zouversiicht.